
# INFORUM

Bulletin d'Information de l'Association Générale des Cadres asbl affiliée à la C.G.F.P.

Juillet 2006 - N° 42




AGC

Editorial

## Une année charnière ?

L'abolition de l'impôt sur la fortune des personnes physiques au 1er janvier 2006 n'a pas provoqué des foules en liesse car cet impôt n'a jamais énervé outre mesure la grande majorité des contribuables, dont les agents publics. Au contraire la retenue à la source libératoire introduite à la même date et prélevée de manière anonyme par les agents payeurs devrait trouver nombre de nouveaux contribuables, aussi parmi les serviteurs de l'Etat. Suite à la zizanie qui a précédé le vote parlementaire en décembre dernier, les agents payeurs défrayent la chronique par toutes sortes de publicités permettant à leurs clients de contourner la retenue à la source et à ébranler les prévisions budgétaires estimées à 40 millions d'euros pour l'année en cours. Ainsi n'est-il pas aberrant que certains produits financiers bancaires soient exemptés alors que les revenus générés par les contrats d'épargne-logement sont pleinement soumis à la retenue à la source. Toujours est-il que la nouvelle loi constitue un transfert de charge fiscale vers la grande masse de contribuables.

Concernant la situation financière du pays le gouvernement persiste et signe qu'il faut réduire les dépenses ou du moins les stabiliser au niveau des recettes, compte tenu de la croissance économique. Ici encore nous assistons à un transfert de charge d'impôt dans le domaine de la fiscalité directe où les recettes d'impôts grevant les revenus des personnes physiques sur base du barème de l'année 2002 ! ont largement détrôné l'impôt sur les sociétés, secteur bancaire compris. Tout compte fait, les impôts directs affichent un excédent budgétaire substantiel pour 2005. Malheureusement ce n'est pas le cas pour les recettes de la TVA. Au vu du déficit budgétaire de 2005 et surtout de 2006 il est regrettable que la lutte contre la fraude fiscale ne soit toujours pas à l'ordre du jour du gouvernement.

En tant que serviteurs de l'Etat nous continuons de croire que la justice fiscale est un élément essentiel de la justice sociale. En ces temps financièrement difficiles nous ne cesseront pas de prôner la répartition équitable de la charge fiscale et la solidarité entre tous les acteurs économiques du pays.

L'accord tripartite conclu entre le gouvernement, le patronat et les syndicats a mis en évidence le risque de déroger à ce principe. Heureusement les syndicats ont su éviter une plus forte mise à contribution des salariés en général et des agents publics en particulier. Toutefois le zénith a été franchi et pour la première fois depuis des décennies, l'évolution rémunératoire se trouve sur la pente descendante, concrétisée par la désindexation, le retardement de tranches indiciaires, l'augmentation de l'assurance dépendance sans parler du coût de l'énergie et des hausses des taux d'intérêts. Nous assistons donc à une diminution non négligeable du pouvoir d'achat comportant des effets néfastes pour l'économie indigène. Dans ce sens l'année 2006 sera une année charnière.

Sur le front du chômage l'amélioration de l'embauche ne se manifeste guère dans l'administration publique

confrontée sans cesse à de nouvelles tâches à maîtriser avec un effectif en stagnation voire même en régression. Concernant la carrière du rédacteur le recrutement de fonctionnaires est de plus en plus remplacé par le recrutement interne de fonctionnaires bien formés, promus et dotés de l'expérience nécessaire d'autres administrations, par le biais du changement d'administration. N'est-ce pas la preuve irréfutable que l'accès à la carrière du rédacteur nécessite une formation allongée de niveau Bac+3.

En tout cas le nouveau comité de l'AGC ne lâchera pas dans la défense des attributions et des intérêts de carrière des rédacteurs au service de l'Etat.

Fernand Muller,
président



Le 23 mai 2006 l'AGC a organisé une soirée amicale en l'honneur de ses membres sortants du comité M. Pierrot Reding et M. Patrick Linden.

Pierrot a été membre du comité durant 21 ans dont 18 ans au bureau exécutif au poste de vice-président. Avec ses qualités indéniables de syndicaliste chevronné Pierrot était un vrai pilier de l'AGC.

Patrick a été membre du comité méritant durant 15 ans dont 6 ans au bureau exécutif.

Après la remise d'un cadeau de départ à nos anciens membres du comité, la soirée s'est clôturée par une agape.





Assemblée générale du 23 mars 2006:

# Rapport d'activité du secrétaire général



Ee Bachelor fir d'Redakteren !

Dat war de Mot d'ordre op eiser leschter Generalversammlung a resüméiert zugläich ganz treffend eis quasi ganz Aktivitéit vun deene vergaangenen 12 Méint.

« Ee Bachelor fir d'Redakteren » ass awer wäit aus méi ewéi nëmmen e Slogan oder eng Parole. Et ass u sech d'Resultat dat sech erginn huet, aus der laangjäreger Entwécklung vun eiser Fuerderung no enger besserer Formatioun.

Eng Fuerderung déi wäit iwwer d'30-jäeregt Besteeë vun der AGC erausgeet, hunn dach net schonn eis Virgängerorganisatiounen, d'ALCF an d'Entente des cadres niewen der 40 Stonnewoch, dem passive Walrecht fir d'Statsbeamten, der Harmoniséierung vun den Avancementsméiglechkeeten a vum Barème, och deemools schonn eng besser Formatioun fir hier Carrière gefuerdert.

All des Revendicatioune konten ewell zënter laangem an d'Realitéit ëmgesat ginn, bis op d'Formatioun, wou d'Redakteren haut ze soen nach op deem Niveau stinn, op deem se scho viru méi ewéi engem halwe Jorhonnert stoungen. Dorunner huet och d'Créatioun vun engem IFA an déi successiv Reforme bis hin zum INAP näischt geännert.

Fir dass mir awer och an Zukunft nach d'Réckrat vun der Verwaltung, oder « d'Cheville ouvrière » bleiwe kënnen, ass eng besser a méi adequat Formatioun onemgänglech. An dat sou wuel am Intérêt vun de Beamte selwer, wéi och am Intérêt vun engem modernen a performante Statsapparat.

A genee dat war et och wat mir dem Minister Wiseler an eiser Entrevue am Abrëll d'lescht Joer ze verstoe ginn hunn. Eng Entrevue déi sech an engem gudden a sympathesche Klima ofgespillt huet, bei deeër de Minister interesséiert nogelauschtert a matdiskutéiert huet.

Esou war hien dann och der Meenung, dass et de richtege Moment wier, fir iwwer d'Formatioun vun de Redakteren ze diskutéieren an dat am Hibléck op d'Ëmsetze vum Bolognaprozess, dee jo bekanntlech op den Universitéiten eng nei an harmoniséiert Diplomstruktur agefouert huet.

Dës Diplomer : de Bachelor mat 3 Joer, de Master mat 5 Joer an den Dokter mat 8 Joer postsekundäre Studien, passen awer net méi an déi zur Zäit nach applicabel Critèrë fir den Accès an d'Carrière supérieure beim Stat. Hei ass nach ëmmer ee Cycle de quatre années d'études virgesinn, ee Cycle deen et awer laut Bolognaprozess net méi gëtt.

Et besteet also ganz kloer Handlungsbedarf, fir des Critèren un déi nei Struktur unzepassen, dat heescht e Master fir d'Carrière supérieure, a wa mir schonn am gaange sinn, fir wat net « ee Bachelor fir d'Redakteren ».

Dat géif dann allerdéngs heeschen, dass de Premièresdiplom nach « just » dur géif goe fir an d'Expéditionnaires-carrière eranzekommen, wat allerdéngs elo net péjoratif ze verstoen ass. Tatsaach ass, dass ëmmer méi Primaner sech fir des Carrière entscheeden, well se den Examen-concours fir d'Carrière moyenne net packen oder aus Bequemlechkeet net matmaache wëllen.

Tatsaach ass awer och, dass ëmmer méi Universitären sech am Redakteschexame presentéieren, wou se sech dann och nach

meeschtens besser klasséiere wéi d'Kandidaten déi direkt vun der Première kommen.

Sou entsteet eng Verschibung no ënne wou op de Redakteschposten Leit mat engem Unisdiplom sëtzen, d'Expéditionnairë vun de Primaner gestallt ginn a wou fir déi traditionell Expéditionnaireskandidaten keng richteg Alternative méi bleift. Dass dëst a ville Fäll zu Onzefriddenheet féiert ass sécher, an dofir wier et un der Zäit fir dës Situatioun ze regulariséieren an un déi aktuell Gegebenheeten unzepassen.

Och wann de Minister Verständnis hat fir eis Suergen an Doléancen an seguer d'Noutwennegkeet vun enger besserer Formatioun agesinn huet, war hien trotz allem der Meenung dass et net evident wier, fir als Minister vun der Fonction publique de Primaner an Zukunft den Accès an d'Carrière moyenne ze verwieren.

(...)

Méi wéi een Échange de vues ass bei dësem Gespréich awer net eraus komm. De Minister Wiseler huet eis Suergen an Doléancen enregistréiert, kont eis allerdéngs absolut keng Zousécherung maache wéi et dann elo mat eiser Formatioun weider goe soll.

Sengen Aussoe no soll d'Ëmsetzung vum Bolognaprozess um Niveau vun der Statsverwaltung nach op verschiddene Plazen diskutéiert ginn, ënner anerem och mam Minister Biltgen. Duerno géife mir eis dann nach kéier zesumme sëtze fir ze kucke wat dobäi eraus komm ass, a wéi dat sech op d'Zukunft vun eiser Carrière wäert auswierken.

Wat déi ugeschwate Carrière intermédiaire ugeet, musse mir eis allerdéngs eent bewosst sinn :

Bei der aktueller Recrutementspolitik, wäert d'Schafe vun esou enger Carrière noutgedrongen op eis Käschte goen, an deem Sënn, dass et zu engem Transfert vum Effectif aus der Redakteschcarrière an déi nei Carrière komme kéint.

(...)

Fir d'Redaktere géif dat allerdéngs heeschen, manner Posten am Cadre fermé bedingt duerch d'Réductioun vum Effectif total, mat engem eventuelle Verloscht vun diverse Postes à responsabilité.

(...)

Eis Fuerderung no enger besserer, méi adequater Formatioun kéinte mir allerdéngs an deem Fall an ënner där aktueller Form och net méi oprecht erhalen, vu dass dës Formatioun da fir d'Carrière intermédiaire reservéiert géif ginn.

Dofir si mir als AGC gefuerdert, falls et zur Créatioun vun esou enger Carrière kënnt, fir dofir ze suergen, dass e Maximum u Redakteren Accès krit, soit iwwer ee Changement de carrière, soit iwwer d'Formatioun continue.

Mir sinn eis allerdéngs och bewosst, dass dat keng einfach Aufgab gëtt. Hei heescht et mat vill Fangerspëtzegefill virzegoen, fir des Revendicatioun dee Moment duerchzesetzen, ouni awer deenen neie Bacheloren op d'Zéiwen ze trëppelen. Well och si wäerten an Zukunft dann zur Carrière moyenne zielen a vun dohier eventuell seguer duerch d'AGC vertruede ginn.

Mee nach ass et jo net esou wäit, an op der Sich no Alliéierte fir eis Cause, hu mir eis dann och net gescheit den Doyen vun der Fakultéit Droit, Économie et Finances vun der Uni Lëtzebuerg ze kontaktéieren. Well esou en Doyen awer e vill beschäftegte Mann ass, hat hie selwer leider keng Zäit fir eis ze empfänken, sou dass mir eis mat sengem Directeur d'études hu mussen zefridde ginn.

Den Här Jean Schiltz fir säin Deel huet eis dann och eng Rei méi oder manner interessant Informatioune mat op de Wee ginn.

(...)

Och wann de Wëssensniveau vun de Primaner an deene leschte Joer dach zimlech ofgeholl huet, dann ass den Taux de Réussite op der Fakultéit Droit, Économie et Finances trotzdem dach ganz héich.

(...)

Mee, wéi och ëmmer, vu dass de Bachelor en Gestion sech awer haaptsächlech a Richtung Banken an Assurancen orientéiert, huet den Här Schiltz eis dann och prompt invitéiert him eis Besoine matzedeelen, fir eventuell niewent deenen zwou bestehende Fachrichtungen eng drëtt anzeféieren, an zwar eng déi méi op d'Verwaltung zougeschneidert wier.

Hei hu mir de gudde Mann dunn awer musse bremsen. Trotz senger ganzer Begeeschterung fir déi zukënfteg Redakteren op der Uni Lëtzebuerg ze forméieren, bleiwen trotz allem nach e puer kleng Detailer mam Minister Wiseler ze klären ir ee konkret iwwer

eis Besoine mat de Responsabele vun der Uni diskutéiere kann.

Aus dëser Entrevue geet dann awer ganz kloer ervir, dass een deenen zukënftege Redakteren duerchaus des supplémentaire Formatioun zoumudde kann, besonnesch da wa se och nach zum Deel eise Besoine no ugepasst ka ginn.

Am Summer dunn, kuerz virun der grousser Vakanz, kont een aus der Press gewuer ginn dass de Minister vun der Fonction publique anscheinend am gaange wier e Projet auszeschaffe fir d'Carrière beim Stat un de Bolognaprozess unzepassen.

Dës Aussoen déi de Minister Biltgen am Kader vun engem Interview mam Lëtzebuerger Wort gemaach huet, hunn eis dach awer ze denke ginn, hat de Minister Wiseler eis dach net 3 Méint virdrun nach ze verstoe ginn, dass mir eis géifen erëmgesinn esou bal déi grouss Linne vun esou engem Upassungskonzept ze erkenne wieren.

Fir ze verhënneren, dass hei alt erëm eng Kéier déi eng oder aner Carrière hir Formatioun ugepasst kritt an d'Redaktere fir d'x-te Kéier iwwergaange ginn, hu mir de Minister Wiseler an engem Bréif

- op d'Aussoe vu sengem Ministerkolleg higewisen,
- nogefrot wou den Dossier dann elo tatsächlech dru wier an
- zu gläicher Zäit em déi nei Entrevue gebieden, déi hien eis am Abrëll versprach hat.

Eng Copie vun dësem Bréif hu mir dann och un d'Ministere Juncker a Biltgen souwéi d'Statssekretärin Octavie Modert geschéckt.

A senger Äntwert Enn September huet de Minister Wiseler eis ze verstoe ginn, hie kéim am Hierscht op eis Demande d'entrevue zeréck. An zwar am Kader vun enger Procédure de concertation et de réflexion, an där sech d'Regierung zur Zäit géif befannen a wou et notamment em d'Besoinen an d'Adaptatioun vun der Formatioun un d'Critèrë vum Bolognaprozess géif goen.

Leider huet de Minister eis kee Joer präziséiert, esou dass mir hei net genee wëssen op hien dann elo den Hierscht 2006 oder 2007 gemengt huet, well 2005 kann et jo net gewiescht sinn: deen Hierscht ass scho laang eriwwer.

Als weider Démarche op der Sich no Alliéierten, hu mir eis dann och nach un de Dr Rolff Tarrach, de Recteur vun der Uni Lëtzebuerg, gewand, an him eis Doléancen a Revendicatiounen ënnerbreet.

Ganz besonnesch awer hu mir op dem Entwécklungspotential insistéiert dee sech fir d'Uni Lëtzebuerg géif erginn, falls d'Formatioun vun de Redakteren op de Niveau « Bachelor » géif gehuewe ginn. Och dëse Bréif hu mir als Copie un eng Rei Regierungsmembere geschéckt.

Wa mir eis vun dëser Aktioun och net all ze vill versprach haten, da wollte mir awer duerch d'Copien déi mir ronderëm geschéckt hu kloer maachen, dass mir eis net nees wäerten iwwergoe loossen a strikt un eise Fuerderunge festhalen.

D'Reaktioune sinn awer leider ausbliwwen. Dass d'Regierungsmemberen eis ignoréiere si mir jo scho bal gewinnt, mee dass mir vun der Uni Lëtzebuerg net emol en Accusé de réception kritt hunn, ass dach awer zum Deel schonn enttäuschend.

(...)

Wann den Interessi un de Redaktere quasi inexistent ass, dann hat den Interessi un der Fonction publique am allgemengen an deene leschte Joren awer och zimlech ofgeholl. Dat gëllt souwuel fir d'Regierung wéi och fir déi notoresch Beamtefrësser aus Politik a Patronatskreeser. Virun allem awer gelt dat esou laang bis d'Land emol erëm eng Kéier ee Sënnebock brauch.

An da si mir et alt nees, d'Statsbeamten, déi fir sämtlech Problemer am Land responsabel sinn:

Geschéien zevill Accidenter op der Strooss, da sinn et déi liddereg Beamte vun der Police déi net genuch Kontrolle maachen a léiwer gemittlech um Büro setzen.

Fir déi rekordverdächteg Chômagezuelen, läit d'Responsabilitéit eenzeg an alleng bei deenen inkompetente Beamte vun der ADEM, déi et emol net fäerdeg brénge fir d'Mass vun den onqualifizéierte Chômeuren op schlecht bezuelte Plazen, ënner miserabelen Aarbechtskonditiounen an der Privatindustrie ze plazéieren.

Fir d'Faillitë sinn et dann awer déi iwweräifereg Beamten, déi näischt Besseres ze dinn hu wéi déi geschëlte Steieren a Cotisatiounen anzedreiwen.

Mee eppes hu mir awer alleguer gemeinsam, an dat sinn eis iwwerméisseg héich Peien a Pensiounen déi selbstverständlech Schold um Defizit vum Statsbudget sinn.

Do misst ee sech dach bal schummen, fir zu esou enger Band vun inkompetenten, lidderegen oder iwweräiferegen, mee op jiddwer Fall iwwerbezuelte Beamten ze gehéieren, déi dem Land dann och nach esou vill Misère bereeden.

Et bien, nee ! Ech fannen absolut net, dass mir iergend ee Grond hätte fir eis ze schummen. Au contraire, mir kënne stolz drop sinn zur Fonction publique ze gehéieren. Well, am Géigesaz zum Privatsektor, wou een als Haaptmissioun d'Profitmaximéierung vu sengem Patron huet, leeschte mir eisen Dingscht am Intérêt an zum Wuel vun der Allgemengheet.

An dat op eng ganz kompetent an zouverlässeg Aart a Weis, sou dass et nëmmen natierlech ass, dass mir dofir och eng adequat an trotzdem nach moderat Pei kréien.

Mee, wéi gesot, et war roueg ginn em d'Fonction publique, ganz roueg, villäicht och e bëssen zevill roueg, so dass een onweigerlech un déi berühmt berüchtegt Rou virum Stuerm erënnert ginn ass.

An esou sollt et dann och kommen :

Ugefaang huet et mat enger éischter Brise am Oktober, bei Geleeënheet vum Premier senger Déclaratioun iwwert der Regierung hir politesch Prioritéiten.

Hei gëtt vun enger méi grousser Ouverture vun der Fonction publique fir Net-Lëtzebuerger geschwat, an dat an enger Zäit wou d'Chômage-Zuelen all Rekorder briechen. Wann een als Lëtzebuerger probéiert eng Plaz beim Stat oder bei de Gemengen ze fannen, an esou d'Privatindustrie ëmmer méi op Net-Lëtzebuerger zeréckgräife muss, da bezeechent de Premier dat als eng Schieflag déi enges Daags d'Ongléck vum Land wäert ausmaachen. Hie weist allerdéngs net drop hin, dass haut schonn den Undeel un Net-Lëtzebuerger an der Fonction publique vill méi héich ass, wéi dat an eisen Nopeschlänner de Fall ass an och jee wäert sinn.

Zwecks Sanéierung vun de Statsfinanzen, schwieft et der Regierung dann och fir, an Zukunft de lounsteigernden Impakt vun den automateschen Avancementer beim Stat ze bremsen. Ech froe mech alt ob et een an der Regierung gëtt, dee genee weess wat dat do heesche soll.

Mee wéi och ëmmer, et kritt een an dësem Kontext d'Impressioun wéi wann hei déi riets Hand net méi esou richteg wiisst, wat déi lenks, oder besser gesot déi aner riets Hand mécht.

Wéi kann ee sech soss erklären, dass am leschten Accord salarial eng Dispositioun steet, déi en automateschen Avancement en traitement erméiglecht falls ee méi ewéi 12 Joer an engem Grad blockéiert ass.

Do kënnt et der Regierung dach bestëmmt geleeën, dass de Conseil d'État eng Opposition formelle géint d'Ëmsetze vun dëser Moossnam agereecht huet, an dat well d'Magistrature dovunner ausgeschloss ass.

An esou wonnert et een dann och net, dass d'Regierung hei net besonnesch beflass ass fir dës Situatioun ze klären, well wat een haut net aféiert, dat brauch een och schliisslech muer net nees ofzeschafen.

Wéi schlecht et dem Land da finanziell anscheinend geet, ënnersträicht de Premier domat dass hien elo schonn iwwer eng nach méi moderat Lounpolitik beim Stat fir d'Joren 2007 bis 2009 diskutéiere wëll.

Mee, geet et hei wierklech nach em Spuermoossnamen, oder sinn dat do schonn erëm déi éischt Picke géint d'Fonction publique, déi eigentlech geduecht si fir vun deene wierkleche Problemer ofzelenken.

Kuerz no Niklosdag, huet de Wand du schonn e bësse méi ferme geblosen, wéi de Mëttelstandsminister op der Chrëschtfeier vum « Arbeitskreis Wirtschaft Luxemburg » gesot huet, d'Ufangsgehälter beim Stat dierften net zevill vun deenen aus dem Privatsektor ofwäichen a missten ugepasst, dat heescht gekierzt ginn. Sou géif ee mat engem Schlag zwou Mécke kréien, an zwar de Privatsektor anscheinend méi attraktiv maachen an dobäi de Statsbudget och nach entlaaschten.

(...)

Do freet ee sech dach, ob dat alles op dem gudde Mann senger eegener Mëscht gewuess ass, oder ob e ganz einfach aus der Schoul geplaudert huet, a nëmmen dat gesot wat d'Regierung scho längst décidéiert huet, an zwar ouni déi vum Premier ugekënnegt Gespréicher a Verhandlunge mat der CGFP.

Oder ass hei villäicht seguer ee Minister en fin de parcours ugestallt gi fir op dee Wee d'Kaz schonn mol aus dem Sak luussen ze loossen, ier en als Belounung no de nächste Walen op Stroossbuerg an d'Pensioun däerf goen.

Esou e Wandstouss huet natierlech d'Mille vum Patronat aus dem Privatsektor ugedriwwen, an sou konnt een an der Dezemberausgab vum « Handwierk » am Editorial mam Titel « Ein Platz an der Sonne » gewuer wéi gutt et eis beim Stat dann eigentlech geet :

Eemol dobannen, dann huet een et gepackt : Geschaft gëtt net vill, d'Promotioune ginn ersiëss, an dee Fläissege gëtt gebremst, fir dass e jo nëmmen net dee laang erkämpfte System op d'Kopp geheit. De Personalmanagement beschränkt sech op d'Ëmsetze vun enger rigider Besoldungsstruktur an d'Formation continue ass absolut inexistent.

Allerdéngs huet de Statsdéngscht och seng Nodeeler, wéi een aus deem Artikel gewuer konnt ginn. Sou leiden anscheinend eng Onmass vu Beamten ënner psychologeschen oder anere gesondheetleche Problemer, a sinn zu allem Iwwerfloss och nach total onzefridde mat hirer Aarbecht. Enner dëse schrecklechen Zoustänn leiden dann och net nëmmen déi betraffe Beamte selwer, mee duerch si och nach de ganze Rescht vun eiser Gesellschaft.

Wann een dat do esou liest da muss ee sech dach froen ob et eigentlech soss nach iergend een anere Berufsstand gëtt iwwert deen een esou vill Dommheete, Frechheeten a Lige schreiwe kann ouni dofir zur Rechenschaft gezunn ze ginn.

Hei gesäit een awer och ganz kloer a wéi eng Richtung et alt nees geet. Wann et deemools nach em eis Pensioune gaangen ass, da sinn et ewell eis Peien, an seguer d'Fonctionnariat u sech, déi zu engem politeschen Enjeu gi sinn.

D'Kierze vun eise Pensiounen hat absolut keen Afloss op d'Pensiounen am Privatsektor. An esou wäerten och méi niddereg Ufangsgehälter beim Stat näischt un de Rekrutementsproblemer an der Privatindustrie änneren.

Well ofgesi vum Gehalt, ass eng sécher Aarbechtsplaz ënner normalen Aarbechtskonditioune fir vill Leit op jonk oder al, Grond genuch fir an de Statsdéngscht anzetrieden. An dat trotz Examen-concours, INAP, interner Formatioun, Ustellungs- a Promotiounsexamen, souwéi enger permanenter Formation continue.

Dass d'Patronat aus dem Privatsektor dat bis haut awer nach ëmmer net verstanen huet, geet ganz kloer aus diversen Aussoen an Artikelen op de Genre « Ein Platz an der Sonne » ervir. Et ass schliisslech vill méi einfach fir d'Schold ëmmer erëm op déi Aner ze schiben an esou vu sech selwer ofzelenken.

Dass d'Regierung bei deem Spillchen do mat mech kéint een zwar verwonneren. Mee, nodeems ee gesinn huet, zu wat se aus reng politeschem Calcul fäeg waren, da freet ee sech nach just wéi wäit se goe wäerten wann et dem Land da mol eng Kéier richteg schlecht geet.

Schliisslech war et déi nämmlecht Coalitioun, déi an der virleschter Legislaturperiod de Sozialofbau an der Fonction publique agelaut huet, an dat net well e reeelle Besoin bestanen hätt, mee vir enger gewësser Partei de Wand aus de Seegelen ze huelen. Mir sinn zwar eis 5/6 Pensioune lass, mee déi netgennante Partei sëtzt ëmmer nach an der Chamber.

Eppes hat et der Regierung awer bruecht, an zwar d'Gewëssheet, dass de Statsbeamten u sech net nëmmen en dankbare Sënnebock ass, mee och nach en zimlech vergiesserlechen.

An dat kann ee villäicht nach e bëssen aussetzen, andeems een esou fréi ewéi méiglech an der Legislaturperiod déifgräifend Aschnëtter an Ännerungen an der Fonction publique duerchzitt, an zwar an der Hoffnung mir hätten et bis déi nächst Wale jo souwisou nees vergiess.

A genee aus deem Grond heescht et déi nächst Zäit besonnesch gutt opzepassen, fir dass et eis net nees esou ergeet wéi deemools, wou d'Regierung trotz Manifestatiounen, Protester a Streik net méi vun hirem Zerstéierungskurs ofzebrénge war.

Zesumme mat de CGFP, wäerte mir als AGC eis och weiderhin dofir asetzen, dass et net méi esou wäit kënnt, an eis wehement géint all Zort vun Hetzcampagne, Hexejuegd a Populismus op Käschte vun der Fonction publique wieren.

Solidaritéit : Jo !

Extra Affer fir d'Fonction publique :

Op kee Fall !

Assemblée générale du 23 mars 2006:



*Communiqué de presse transmis au Lëtzebuerger Journal (publié le 13.04.2006), au Tageblatt (non publié), ainsi qu'au Wort (publié le 11.04.2006).*

## Un « bachelor » pour les rédacteurs : L'AGC persiste et signe



Une fois de plus la formation des rédacteurs a été le sujet central de l'assemblée générale de l'Association Générale des Cadres (AGC/CGFP) qui s'est tenue le 23 mars 2006. Dans son allocution le président Fernand Muller a regretté qu'au cours de l'année écoulée il n'ait pas été possible de réaliser l'avancée souhaitée en matière de l'allongement de la formation des rédacteurs, engagée depuis des années et se trouvant malheureusement toujours au stade de la revendication.

Il a constaté avec satisfaction l'intérêt manifesté par des membres dynamiques et motivés, prêts à rejoindre le nouveau comité de l'AGC en vue de prêter main forte en faveur de la carrière du rédacteur. Par ailleurs le président a lancé un appel à l'assemblée de se joindre à l'effort du comité afin de recruter de nouveaux membres parmi les jeunes fonctionnaires.

Au sujet des mesures visant à réduire les dépenses de l'Etat, l'AGC a manifesté une solidarité sans failles avec la CGFP.

<u>Le trésorier Claude Stephany a présenté les comptes de l'exercice 2005. Les réviseurs lui ont certifié une bonne gestion de la trésorerie de l'association et l'assemblée lui a donné décharge. Vu la situation financière équilibrée, le montant de la cotisation reste inchangé pour l'année 2007.</u>

Dans son rapport d'activité, le secrétaire général Thierry Ries a passé en revue les démarches entreprises au cours de l'année 2005, en vue d'aboutir enfin à un relèvement du niveau d'études requis pour l'accès à la carrière du rédacteur.

Partant d'une première entrevue avec le Ministre de la Fonction publique, en passant par différentes interventions auprès de certains membres du Gouvernement, ainsi que des responsables de l'Université du Luxembourg, le secrétaire général a retracé les moyens mis en oeuvre pour faire avancer ce dossier <u>que l'on pourrait presque qualifier d'historique.</u>

<u>Il a regretté que l'AGC reste toujours sans nouvelles de la part du Ministre de la Fonction publique, qui leur avait pourtant assuré de revenir sur une nouvelle demande d'entrevue en automne 2005 (!).</u>

Quant à l'adaptation des carrières auprès de l'Etat au processus de Bologne, il a souligné que la création éventuelle d'une carrière pour les nouveaux « bachelors », au lieu d'un relèvement du niveau d'études des rédacteurs, se ferait notamment au détriment de ces derniers. Il a en outre exprimé ses craintes que dans ce cas de figure, toute revendication en matière de formation, seul garant de la conservation des attributions de la carrière du rédacteur, deviendrait superfétatoire.

Face à la polémique récente en relation avec les problèmes budgétaires de l'Etat, le secrétaire général s'est formellement opposé à toute tentative de culpabilisation de la Fonction publique.

En conclusion, les responsables de l'AGC se sont montrés déterminés à maintenir leurs revendications en matière de formation, sans pour autant perdre de vue l'actualité politique.

*<u>Les passages soulignés n'ont pas été publiés par le Wort.</u>*

# Composition du comité de l'Association générale des cadres

## Bureau exécutif

| | | | |
|---|---|---|---|
| Président: | Fernand MULLER | Administration des contributions | 40 800 5500 |
| Vice-présidente: | Blanche WILMES | Administration de l'enregistrement | 44 905 316 |
| Vice-président: | Romain KREMER | Administration gouvernementale | 43 20 82 235 |
| Secrétaire général: | Thierry RIES | Administration du contrôle médical | 26 19 13 2052 |
| Trésorier: | Claude STEPHANY | Administration des contributions | 40 800 6104 |
| Secrétaire adjoint: | Marc REINERT | Administration des douanes | 29 01 91 231 |
| Trésorier adjoint: | Gaston BINTENER | Administration du cadastre | 44 901 412 |

## Membres effectifs

| | | |
|---|---|---|
| Claude ALESCH | Service météorologique | 47 98 2028 |
| Patrick BELLWALD | Administration gouvernementale | 478 5535 |
| Francis BREBSOM | Caisse de maladie des ouvriers | 40 112 2414 |
| Fernand CONRAD | Administration des douanes | 29 01 91 263 |
| Georges DENNEWALD | Banque et caisse d'épargne de l'Etat | 40 15 5011 |
| Brigitte HAAN | Administration judiciaire | 47 59 81 590 |
| François NAU | Administration des contributions | 40 800 4104 |
| Françoise SPIERKEL | Administration de la gestion de l'eau | 26 02 86 45 |
| Pierre TRAUSCH | Représentant des pensionnés | 43 47 45 |
| Elisabeth WEBER | Administration des contributions | 40 800 2307 |
| Jean WELTER | Administration gouvernementale | 478 4449 |
| Romain WOLFF | Administration de l'enregistrement | 26 48 27 27 1 |

## Membres suppléants

| | | |
|---|---|---|
| Tun FIGUEIREDO | Chambre des députés | 46 69 66 255 |
| Luc FRANCK | Administration des contributions | 266 615 24 |
| Claudine HARPES | Administration des contributions | 40 800 4203 |
| Romain KINTZINGER | Administration de l'enregistrement | 44 905 444 |
| Henri NIMAX | Administration des douanes | 29 01 91 221 |
| Fränky WOHL | Administration gouvernementale | 478 4649 |

# 30e Anniversaire

Le 8 juillet 2005 l'AGC a fêté son 30e anniversaire en présence de bon nombre de membres fondateurs et d'anciens membres du bureau exécutif et du comité.

Le président a fait un résumé succinct des étapes souvent difficiles du mouvement syndical de la carrière du rédacteur.




M. René Molling, membre fondateur de l'AGC, a rappelé les éléments historiques de la genèse mouvementée de notre association, tout en souhaitant courage et persévérance aux personnes actuellement aux commandes du syndicat.



La soirée a été rehaussée par la présence de M. Jos Daleiden, président de la Fondation CGFP de secours, a qui l'AGC a remis un don d'anniversaire au profit d'un projet d'aide agricole au Togo.




P&T
CHEQUES POSTAUX
Chèque N°
EUR
2500.-
Luxembourg









## Mais où est donc passé … le dossier « Formation » ?

Telle la septième compagnie, le dossier «Formation » de l'AGC apparaît par-ci par-là, disparaît, réapparaît pour changer d'apparence, disparaît à nouveau et ainsi de suite.

Aux dernières nouvelles officielles, datant malheureusement de septembre 2005, Monsieur le Ministre de la Fonction publique reviendrait à notre « *demande d'entrevue concernant l'objet sous rubrique* en automne*, dans le cadre de la procédure de concertation et de réflexion dans laquelle est actuellement engagé le Gouvernement en matière de nouveaux besoins de formation et d'adaptation de formations existantes aux critères du processus de Bologne* ».

Mais pas si viiiite !

Mirabelle appelle Eglantine ! Mirabelle appelle Eglantine ! En automne de quelle année ? Répondez … De quelle année ?

Or, il paraît que « l'opération Bologna » serait coincée, prise en tenaille, un dénouement de la situation n'étant pas en vue.

S'ajoute à cela, la position prise par le Gouvernement quant une revalorisation des agents occupés auprès du Conseil d'Etat et qui confirme que « *le Gouvernement s'est fixé comme ligne de conduite de ne pas donner suite aux demandes de revalorisation de carrière ponctuelles* » [1)].

Et bien, en mettant le fil rouge sur le bouton rouge et le fil vert sur le bouton vert, on doit se rendre à l'évidence que ce n'est pas demain la veille et qu'au bout de vingt années, notre dossier « Formation » n'a toujours pas dépassé le stade de revendication.

Mais quoi qu'il en soit, restez groupir et lisez la suite dans : On a retrouvé le dossier « Formation » !, qui sortira en automne 2006, 2007, 2008 ou … .

Toute ressemblance avec les aventures hilarantes de Pitivier, Tassin et du Sergent-chef Chaudard est purement intentionnelle et destinée à remonter le moral des troupes.

[1)] Document parlementaire n° 5458 [7] du 24.05.2006 (projet de loi portant modification de la loi du 12 juillet 1996 portant réforme du Conseil d'Etat)

Journal Donneschdeg, den 22. Juni 2006 – N° 119

Premier Juncker zu Gast bei der Confédération Luxembourgeoise de Commerce

# „Über Anfangsgehälter beim Staat reden"

(...)

Erny Lamborelle [clc-Präsident] kam ebenfalls auf den nötigen Mentalitätswechsel bei den Luxemburgern zu sprechen, die sich mehr und mehr zu einer „Vollkaskogesellschaft" entwickelten, ganz nach dem Motto: sichere Stelle beim Staat und absolute soziale Absicherung ohne Risiko. Der Feststellung pflichtete der Premier bei: „Wenn wir sagen ‚Mir wëlle bleiwe wat mir sinn', meinen wir meist ‚mir wëllen hale wat mir hunn'".

(...)

Das funktioniert nicht mehr", so der Premier, der sich ebenfalls Sorgen darüber macht, dass der Privatsektor jetzt schon über 60% Nicht-Luxemburger beschäftigt, zum Teil weil die Einstiegsgehälter in der öffentlichen Funktion attraktiver seien. „Wir müssen darüber diskutieren", so Juncker, der seinem Mittelstandsminister Recht gab, im Dezember eine Debatte über die Anfangsentlohnung beim Staat losgetreten zu haben. Bekanntlich wehrt sich die CGFP vehement gegen ein solches Vorhaben.

(...)

## Le Télébudget

En cette année de folle croissance économique la Banque centrale européenne de Francfort s'efforce de contenir les risques inflationnistes moyennant une série de hausses des taux d'intérêts. Notre gouvernement, après concertation des partenaires sociaux a reporté les prochaines échéances des adaptations indiciaires des salaires et traitements pour ralentir le pouvoir d'achat. Parallèlement il s'apprête à freiner la dynamique conjoncturelle en abandonnant et en reportant nombre de grands et petits projets de construction. Car chez nous on ne construit que si on est suffisamment liquide pour assurer le financement 'cash' et c'est là où le bât blesse en ce moment.

Face au mot d'ordre du gouvernement de réduire les dépenses de l'Etat, je propose de mettre en surbrillance certaines dépenses du budget étatique et d'essayer une nouvelle voie de financement: le Télébudget. A l'image du Téléthon ou du Télévie, qui chaque année dans un véritable élan populaire collectent des sommes faramineuses pour une bonne cause affichée, le gouvernement pourrait faire pareil en lançant des actions de financement de projets de construction. Quoi de plus noble pour une population que de collecter sous l'impulsion de la solidarité et avec le battement médiatique, les fonds nécessaires au financement p. ex., d'un musée d'art moderne, d'un tramway, d'un tronçon d'autoroute, d'un centre sportif ou culturel etc. Durant des mois le centre de promesses pourrait fonctionner jour et nuit pour collecter les dons et lors de la grande finale du Télébudget, toute personne, société, commune, association, équipe etc. pourraient faire leurs dons et remettre leurs chèques au ministre du budget. A cette occasion ce seraient surtout les communes qui rivaliseraient entre elles pour dépasser les promesses de dons des communes voisines. Au cas où une première action de financement n'atteindrait pas son objectif une deuxième action pourrait suivre…

Pour les donateurs le résultat serait éloquent car pour une fois leur argent ne disparaîtrait pas dans le gouffre anonyme et ténébreux du budget de l'Etat et ils pourraient voir l'affectation ciblée de leurs dons.

Psychologiquement le nouveau mode de financement présenterait un avantage indéniable dans la mesure où tout donateur se sentirait étroitement lié à son musée, son tramway, son autoroute et son centre sportif et culturel. Donc une action caritative de plus pour une bonne cause.

Le persifleur

télébudget
2007

Inforum

*Comité de rédaction*
Romain KINTZINGER
Fernand MULLER
Marc REINERT
Thierry RIES
Claude STEPHANY
Blanche WILMES

B.P. 665 - L-2016 Luxembourg

La reproduction d'articles, même par extraits, n'est autorisée qu'en cas d'indication de la source

LUXEMBOURG-
GARE
PORT PAYÉ
P/S 056

## Le Bureau exécutif de l'AGC



Claude Stephany   Fernand Muller   Blanche Wilmes   Thierry Ries   Romain Kremer
Gaston Bintener   Marc Reinert

## Présence de l'AGC dans le World Wide Web

Comme vous l'avez pu constater à la première page de ce numéro de l'Inforum, l'AGC s'est dotée d'une nouvelle page internet. En effet, ce moyen de communication est de plus en plus sollicité par nos membres et par ceux qui s'intéressent au travail syndicaliste.

Le groupe de travail Internet, composé par Tun Figueiredo, François Nau, Thierry Ries et Claude Stephany, s'est efforcé de mettre en place un site dynamique et informatif. Afin que notre homepage soit visitée régulièrement, il s'impose naturellement de mettre les données et informations à jour régulièrement. Dans ce contexte, nous sommes ouverts à toute suggestion et/ou contribution concernant notre site. Nous voulons aussi attirer votre attention, cher lecteur, sur notre nouvelle adresse électronique :

mail@agc.lu

Nous vous invitons donc à nous rendre visite à l'adresse

www.agc.lu

et nous lançons un appel chaleureux à nos membres de faire circuler cette adresse à tous les fonctionnaires de notre carrière. En effet, l'adhésion à notre association se fait maintenant par une simple touche de clavier/souris.

***De Comité wënscht iech an ärer Famill eng schéin an erhuelsam Vakanz***